LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
22 JUIN 2016

Luxembourg, le 22 JUIN 2016

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°2073 du 18 mai 2016 de l'honorable député Monsieur Fernand Kartheiser, concernant les taxes perçues par l'Administration de la Navigation Aérienne, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre du Développement durable
et des Infrastructures

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François BAUSCH, Minister vun der nohaltescher Entwécklung an den Infrastrukturen op d'parlamentaresch Ufro n°2073 vum 18. Mee 2016 vum Députeierten Här Fernand Kartheiser

Op d'Froen vum honorabelen Députeierten erlaaben ech mir folgend Äntwerten ze ginn :

D'Administratioun vum Fluchhafen (ANA) stellt keng Taxen a Rechnung, mee et handelt sech em Redevancen. Den Ënnerscheed ass datt Taxen onofhängeg vun engem Service gefrot ginn, woubäi d'Redevancen un ee spezifesche Service gebonne sinn.

Et ginn 3 verschidden Zorten vun Redevancen déi fir d'Loftfahrtservicer dierfe gefrot ginn: d'Redevance fir den „en route", TNC Redevancen (terminal navigation charges) an d'Redevances aéroportuaires (des ginn zu Lëtzebuerg vun Lux-Airport factureiert). D'EU Reglement 391/2013 reegelt d'Modalitéite fir d'en route an d'TNC Redevancen. Et handelt sech hei em ee „règlement d'exécution" dat vun der Kommissioun an enger Comitologie Prozedur adoptéiert gouf.

Bis den 1. Januar 2015 sinn déi Servicer vun der ANA op Basis vun enger fixer Redevance verrechent ginn. Zanter dësem Datum schreift d'EU Reglementatioun fir, dat de service provider (also d'ANA) fir d'en-route an d'TNC Servicer käschtendeckend muss funktionéieren. Daat heescht dat d'ANA nëmmen esou vill TNC Redevance kann, an dierf, un de Client verrechnen wéi déi Servicer effektif kaschten.

Den Artikel 12 vum EU Reglement 391/2013 gesäit dobai fir, dat als unité de calcul, déi bei der Berechnung vun der TNC Redevance gebrauch gëtt, entweder de Start oder d'Landung muss geholl ginn. Lëtzebuerg huet hei fir de Start optéiert, well dann all déi aner Redevancen bekannt sinn, déi vun der Fluchgesellschaft fir den Fluch musse bezuelt ginn.

Den Artikel 16 vun dem Reglement gesäit ausserdeem fir, datt eng Modulatioun vun den TNC Redevancen méiglech ass, wann déi vun Emweltkriteren ofhänkt. Lëtzebuerg huet esou eng Modulatioun agefouert déi de Kaméidi an d'Auerzäit als Critère festhält. Konkret heescht dat, dat e Fliger dee vill Kaméidi mecht an/oder nuets flitt, méi eng héich TNC Redevance bezillt wéi een dee manner Kaméidi mecht an/oder dagsiwwer flitt. Et besteet deemno aktuell schons ee Moyen fir Nuetsvole finanziell ze penaliséieren.

Wat elo d'Redevances aéroportuaires ugeet, esou ginn déi net vum EU Reglement 391/2013 bestëmmt, mais vun der nationaler Reglementatioun gereegelt, a sinn dofir an all Land verschidden.